



Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2024.59649.SECR

Péteng, den 16. Februar 2024

Betreff: Är Froe vum 17. Januar2024

(den Dossier gött bearbecht vum Här Cambiotti David - Tel.: 50 12 51 – 3400)

Här Christian Welter,

An ärem Bréif vum 17. Januar 2024 stellt Dir dem Schäfferot folgend Fro :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

De 16te Januar 2024 huet d'Regierung eng Alerte Rouge fir de 17te Januar 2024 wéinst de geféierleche Wiederconditiounen ausgeruff. Et ass an der Nuecht extrem geféierlechen Äisree gefall. D'Schoule sinn doduerch zou bliwwen an d'Bevëlkerung gouf dozou opgeruff doheem ze bleiwe wa méiglech. Souguer d'Post huet d'Ausliwwerung vum Courrier deen Dag si gelooss an eng grouss Partie Gemengen am Land hunn och d'Collectes de Déchets annulléiert. An eiser Gemeng goufe wéinst de Wiederconditiounen och dat eent oder anert Evenement ofgesot. Laut Aenzeien (mech selwer inclus), gouf an eiser Gemeng haut de Moien awer eng Collecte de Déchets duerchgefouert.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech dréngend folgend Fro stellen:

- 1. Mat wéi enger Begrënnung gött d'Personal vun der Gemeng Péteng mat engem Poubellescamion bei enger Alerte Rouge a spigelglate Stroossen awer eraus op d'Strooss geschéckt?*

*Mat Respekt,
Christian Welter
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Welter,

Fir de 16. Januar hat d'Regierung eng Alerte Rouge wéinst de Wiederconditiounen ausgeruff. De *Plan de continuité d'activité communal* (PCA) vun der Gemeng gesäit fir dass an esou Fäll eng ganz Rei essentiell Servicer weiderhin assuréiert ginn.

D'Gemengservicer gi laut uewe genanntem PCA an 3 Kategorien agestuft. D'Salubritéit gehéiert zu de Gemengservicer aus der Kategorie A, dat heescht déi Servicer déi absolut essentiell sinn. Aus der Ursach ass deen Dag an eiser Gemeng, wéi och an deenen anere Gemengen aus dem Süden vum Land déi hir Offallentsuergung mat hiren eegene Servicer assuréieren, wéi z.B. Déifferdeng an Esch/Uelzecht, de Poubelleswon erausgeschéckt an d'Collecte vun de Valorlux-Tuten duerchgefouert ginn.

Zeréckzebehalen ass och datt eis Équipen zu kengem Moment gemellt hunn, datt et bedenklech gewiescht wier d'Collecte duerch ze féieren. Falls esou eng Informatioun vun eisen Équipë komm wier, hätte mir deem selbstverständlech Rechnung gedroen an eise Matbierger eng deementspriedend Informatioun iwwer eis Kommunikatiounskanäl zoukomme gelooss.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,